Fondatioun Lëtzebuerger Guiden a Scouten
am Déngscht vun de Jonken

Newsletter

Oktober 2009

Léif Frënn vun de Guiden a Scouten,

Zanter eiser leschter Newsletter huet eis nei Zentral, „d'Géisserei", sech an allen Hisiichte voll bewäert. Verschidde kleng Problemer, déi d'Akustik vun de Säll oder d'Fassade betréffen, konnte behuewe ginn. Mir hate regelméisseg Gruppen, déi e puer Deeg oder ee Weekend am Chalet verbruecht hunn, an de grousse Sall ass och eng Rëtsch Kéiere verlount ginn. Fir den Ënnerhalt vun deem ganze Komplex (a vun den Haiser um Neihaischen an zu Bilschdref) hu mir decidéiert en „agent technique" an der Persoun vum Laurent Gangler anzestellen. Do dernieft konnt eis Équipe vu Permanenten duerch d'Ernennung vum Claude Lamborelle vervollstännegt ginn.

D'Fondatioun verfollegt och d'Aktivitéite vum Jugendhaus zu Biissen, wat sech flott entwéckelt. D'Zesummenaarbecht tëscht Verband a Jugendhaus leeft ëmmer besser an esou kënnen eenzel Elementer vum Guidissem a Scoutissem an d'Aarbecht mat de Jonke vu Biissen afléissen. D'Relatioune mat der Gemeng Biissen si flott a mir haten nieft eise sougenannte Plattformen, wou mir mat hinnen a mam Ministère d'Aktivitéiten an de Budget ofschwätzen, zwou Reunioune mam Gemengerot. Bei där Geleeënheet huet eis Animatrice, d'Martine Schannel, erkläert wat fir eng Aktivitéite si mat deene Jugendleche realiséiert, an déi hunn eng Demonstratioun vun hirem Kënnen am Gebitt vum Hip-Hop Danzen geliwwert.

Wéi all Joer huet d'Fondatioun nieft dëse méi administrativen Aarbechten enger Rei lokale Gruppe beim Finanzement vun hire Chalete gehollef. Besonnesch wëlle mir awer eis Beméiunge fir de Grupp St. Alphonse ervirhiewe, wou mir séier an onkomplizéiert hëllefe konnten.

No dem engagéierten Asaz vum Martine Picard-Fuchs, Commissaire générale vun 2005 bis 2008, a sengem Adjoint, dem Roy Grotz, stinn zanter dem September 2008 de Roy als Comissaire général, d'Carmen Schares, seng Adjointe, an de Pit Faber, Aumônier général, un der Spëtzt vum Verband. D'lescht Joer hu si gutt a vill Aarbecht am Kader vum Mot d'Ordre „100% Guide/Scout" geleescht. Mir wënschen hinnen och nach weiderhi vill Succès an déi néideg Energie fir hiren Engagement.

Jean Mischo
President vun der Fondatioun „Lëtzebuerger Guiden a Scouten am Déngscht vun de Joncken"

Vu lénks no riets: **Roy Grotz** (Comissaire général), **Pit Faber** (Aumônier général, **Carmen Schares** (Comissaire générale adjointe)

Renovéiert Lokaler fir de Grupp St. Alphonse aus der Stad

Fir dem Grupp St. Alphonse (70 Guiden a Scouten) en dezent Lokal ze verschafen, huet d'Fondatioun eng Annexioun vum Redemptoriste-Klouschter an der Stad gelount. Mam Accord vun de Pateren hu mir deem Grupp dat Gebai zu Verfügung gestallt. D'Gebai ass mat der finanzieller Hëllef vum Familljeministère a vun der Stad Lëtzebuerg renovéiert ginn. Matt der Hëllef vum Service Infopla an dem Finanzement vum Familljeministère konnten d'Aarbechten a Rekordzäit ausgeféiert ginn. De 5. Oktober 2008 ass d'Gebai, a Präsenz vun der Madame Minister Marie-Josée Jacobs a vum Här Xavier Bettel, Schäffen vun der Stat Lëtzebuerg, ageweit ginn. Mir si frou, datt de Grupp St. Alphonse, wou virun allem vill portugisesch Kanner ageschriwwe sinn, endlech an normale Conditioune schaffe kann.

Premier meets LGS: Visite vum Statsminister am Keltenhaus

E ganz besonneschen Owend am Keltenhaus gouf et am Abrëll 2009, wou sech de Premier Jean-Claude Juncker trotz ville politeschen Terminer a Walkampf-Stress d'Zäit geholl hat, fir op d'Froe vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten ze äntwerten. Eng 70 interesséiert Ranger-Rover a Cheftainen a Chef ware komm, fir dem Premier och onkammoud Froen ze stellen. De Statsminister huet näischt schéi geriet an ass op d'Situatioun vum Land matten an der Kris agaangen: direkt, onpolemesch a präzis waren d'Äntwerte vum Premier während engem Owend, deen eise Mouvement geprägt huet.

Eng Zesummenaarbecht op séchere Féiss: Conventioun tëscht der Forstverwaltung an den LGS

Houfreg war de Verband, wéi e konnt duerch d'Ënnerschrëft vum Commissaire général, dem Roy Grotz an dem deemolegen Ëmweltminister Lucien Lux eng Conventioun ënnerzeechnen, déi eis Kooperatioun mat der Forstverwaltung fir déi nächst Joeren op eng durabel Basis stellt. Duerch d'Ofkommes assuréiere mer d'Gestioun vum eemolege Site ronderëm an am Keltenhaus um Neihaischen, wou Kanner a Schoulklasse praktesch a spilleresch léieren, wéi flott et kann an der Natur sinn a wat mer vun Naturpopulatiounen wéi de Kelten an Indianer ofkucke kënnen.

Am Keltenhaus um Site vum Formatiounszenter Neihaischen praktizéieren d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten pädagogesch Naturerfahrung. En Héichpunkt vun dësen Aktivitéiten ass all Joer de Bealtaine-Festival, woubäi e puer dausend Visiteuren um Site gezielt goufen. Eng immens Vitrine fir eis Method duer ze stellen.

RaRo am Déngscht vun der Entwécklungshëllef

Et ass scho fir d'véierte Kéier, datt d'Ranger-Rover a friem Länner reese fir do eng B.A. vun der besonnescher Zort ze leeschten. Zesumme mat der ONGD ,,Lëtzebuerger Guiden a Scoute mat der Drëtter Welt" ginn ënnert dem Motto „Odyssee 2010" nees Entwécklungshëllef-Projete lancéiert: Am Senegal geet et ëm e Projet mat behënnerte Leit an ëm e Bauprojet zu Thiès, a Bosnien-Herzegowina ass de Cuprija, a Bolivien gëtt bei Cochabamba eng Schoul renovéiert an e pädagogesche Gaart ugeluecht. Am Norde vum Vietnam gëtt zesumme mat der Caritas d'Situatioun vun de Bauerefamilljen verbessert andeems reboiséiert gëtt a sanitär Installatiounë gebaut ginn. Alles an allem maache sech bannent dem nächste Joer eng 120 RaRo op d'Rees, fir sech an den Déngscht vun anere Leit ze stellen, deenen et net esou gutt geet wéi eis. D'Odyssee 2010 ass Développement Communautaire vun der aktiver Zort.

Zënter 2003 ënnerstëtzen d'LGS d'Scouts du Niger. 2009 geet de Partenariat weider an esou gi momentan mat lëtzebuerger Hëllef Solarpanneauen op hire Formatiounszentrum montéiert.

Tronc Commun am 1ten Zyklus vun der Formatioun

Nom LGS-Kongress am September zu Hesper huet eng lëtzebuergesch Dageszeitung geschriwwen, datt eis Formatioun et bis elo net erlaabt hätt, datt eis Chefen den Diplom vum Animateur kréichen. Dat stëmmt natierlech net: D'Formatioune vun de LGS gi scho laang vum Stat unerkannt! A fir där grousser Verantwortung, déi eis Cheftainen a Chefs droen, nach méi gerecht ze ginn, hu mir d'Formatioun vun eise Cheftainen a Chefs nei organiséiert. Ab dësem Joer besteet eis Formatioun aus engem brancheniwwergräifenden „Tronc commun" an engem branchespezifeschen Deel. Am „Tronc commun" behandele mir all déi Themen, déi all Chef eppes uginn, egal ob ee mat Biber spillt, mat RaRo op e Camp Volant geet, sech mat Elteren ënnerhält, oder ... . Am branchespezifieschen Deel geet et da méi an den Detail wat déi jeeweileg Alterskategorie ugeet.

Mat der neier Organisatioun erwaart sech de Verband, datt déi gemeinsam Elementer vun de Branchë besser erauskommen awer och méi Flexibilitéit a méi Qualitéit op de Formatiounen.

„100% Guide / Scout" a Chefdag

De Mot d'Ordre vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten ass fir d'Joren 2008–2010 „100% Guide /Scout". Domat wëll de Verband sech méi op seng Urspréng besënnen a säi Profil stäerken.



De Verband huet eng Rëtsch flott Iddie lancéiert an d'Gruppe maache gutt mat. Um Chefdag vun dësem Joer zu Beggen haten d'Organisateure sech eppes Besonnesches afale gelooss: déi iwwer 600 Cheftainen a Chefen si mat engem eidele Rucksak op eng Hellewull vun interessante Stänn geschéckt ginn, fir sech lauter flott Iddie fir dat nächst Scoutsjoer anzepaken. D'Stänn goufen animéiert vun Institutiounen an Organisatiounen déi mat Jonke schaffen an et goung vu Police bis zu chimie.lu.

Dëst neit Konzept fir de Chefdag ass super ukomm.

Campagne am Kino

Zesumme mat de Frënn vun der AGGL an der FNEL hunn d'LGS eng Campagne an de Kinoen an um Radio lancéiert fir nach méi Jonker fir d'Mouvement ze begeeschteren. Domat wëll de Verband och déi lokal Gruppe bei hirem Recrutement ënnerstëtzen.

Jugendhaus Bissen

Dëst Joer stoungen nieft den traditionellen Aktivitéite wéi Kachen, Foussball-Tournoi, Hip-Hop, ... och e Babysitter-Cours vun AFP, e Wellness-Programm fir Meedercher mat Massage, en Ausfluch op Köln e Weekend am Keltenhaus an eng Steenzäit-Woch um Programm.

Donieft ass d'Zesummenaarbecht mat de lokalen Institutioune fir d'Jugendhaus ganz wichteg: duerfir huet d'Jugendhaus zesumme mat der Jugend- a Sportskommissioun, der Kulturkommissioun, der Kommissioun vum drëtten Alter, dem Fierschter an der Maison Relais vu Biissen e puer flott Aktivitéiten organiséiert.

D'Équipe vum Jugendhaus huet kloer Virstellunge wéi et sech weider entwéckele soll. Eng Prioritéit ass, datt d'Jugendhaus seng Plaz an der Gemeng verstäerkt. Fir e méi positivt Bild vum Jugendhaus ze vermëttele gëtt an Zukunft duerch verschidden Aktivitéiten

d'Aarbecht am Jugendhaus méi visuell gemaach. Nieft regelméissegen Infoversammlungen mat aktuellen Themen, gëtt och den Internet-Site fäerdeg gemaach an den „Point Information Jeunes" an Top Form bruecht.

Eng verstäerkt Zesummenaarbecht mat de lokale Veräiner, Kommissiounen an Institutioune soll dësen Image nach méi verdéiwen.

D'lescht Joer krut d'Jugendhaus eng zweet Mataarbechterin (hallef Tâche). D'Celia Reckinger war leider nëmme fir e puer Méint bei eis. Mir soen him villmools Merci fir seng Aarbecht a wënschen senger Nofolgerin, dem Marlen Rieche, alles Guddes fir seng Aarbecht.

Projet a Bosnien-Herzegowina

Ënnert dem Numm „Cuprija 2010" leeft am August 2010 en interkulturellen Échange zu Stolac bei Mostar a Bosnien-Herzegowina. Während dësem Camp Chantier schaffe Guiden a Scouten aus Lëtzebuerg mat bosnesche Jonken un der Rekonstruktioun vu reliéisen, kulturellen a wiertschaftleche Gebaier, déi während dem Krich a Bosnien-Herzegowina zerstéiert goufen.

Nodeems 2006 eng Moschee an e Jugendhaus nees opgebaut goufen, schaffen 25 Ranger-Rover mat 25 bosneschen an internationale Jonken am Summer 2010 un enger orthodoxer Kierch, erliewen interkulturell Workshopen a bauen den Eco-Tourissem am multikulturelle Stolac mat ob.

D'Lëtzebuerger Guiden a Scouten mat hirem Partner, dem „International Forum Bosna & Youth Forum - Stolac" hëllefe mat dësem „projet d'éducation à la paix" nei Perspektiven zu Stolac opzemaachen.

Nationale Wëllefcherscamp 2010

700–800 Wëllefcher (am Alter vun 8–11 Joer) vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, zesumme mat hire Chef a Cheftainen, wäerten de nächste Summer mat de Wikinger ënnerwee sinn:

ALTHING2010

An der Gemeng Heischent an am Naturpark Uewersauer gëtt de grousse nationale Wëllefcherscamp „Althing 2010" organiséiert. Am Juli léieren d'Wëllefcher d'Natur an d'Kultur vun de Wikinger kënnen. „Athing 2010", dat heescht: 7 Deeg Spill a Spaass, dobaussen an der Natur, nei Frënn kenneléieren a Neies ausprobéieren.

Nationalen AvEx-Camp 2010

adventum mmx

De nationalen AvEx-Camp leeft am Juli 2010 ënnert dem Numm „Adventum MMX" zu Stengefort a steet ënnert dem Thema „Mëttelalter". Aktivitéite wéi Hike, Atelieren, Spiller, um Feier kachen, … erwaarden eng ronn 800 AvEx (Guiden a Scouten tëscht 11 a 14 Joer) a Chef aus dem ganze Land.

D'LGS Joer 08/09 an Zuelen

- 5.000 Memberen
- 1.000 Campdeeg, 2.300 Kanner a Jugendlecher encadréiert vun 800 Cheftainen a Chefen.
- 158 Kandidaten hunn déi éischt Stuf vun der Formatioun matgemaach, 69 déi zweet Stuf; 45 hunn un engem Recyclage deelgeholl.
- 132 Chef kruten hir Ernennung als Assistentchef oder Chef; 88 Chef kruten hir Ernennung erneiert.
- 100 Biber waren um „Bibertreff" zu Suessem.
- 600 Wëllefcher waren um „Wëlle Westen-Rallye" zu Äischen.
- 220 AvEx ware mam Zuch op den „Absurdcup" op d'Tutschemillen komm.
- 266 CaraPio hunn zu Bartreng op der „Journée Caravellen – Pionnéier" (JOCAPI) den Hunn gejot.
- 40 Joer krut d'Branche Ranger-Rover.

De Verwaltungsrot

Jean Mischo (President)
Georges Metz (President)
Gilbert Beissel (Trésorier)
Marieanne Konsbruck (Secrétaire)
Roy Grotz, Jéiss Loos, Andrée Maquil,
Théo Péporté, Carmen Schares (membres).

Crédit photos: Charlot Kuhn (LW), Coryse Muller (LW), Anouk Antony (LW), Gerry Huberty (LW), Serge Waldbillig (LW)

Fondation «Lëtzebuerger Guiden a Scouten am Déngscht vun de Jonken»

BILLLULL LU95 0025 1738 1154 8100

CCPLLULL LU44 1111 2333 0015 0000